**Projet de loi 6585 modifiant la loi modifiée du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'Etat pour études supérieures**

**Rapporteur: Monsieur Marcel Oberweis**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

Madame Ministesch

Mir stëmmen haut iwwer de Projet de loi n° 6585 oof, deen in extremis an deene leschten 2 Wochen äusserst intensiv behandelt gouf.

Mir haaten 4 Commissiounssëtzungen bannen desse 14 Deeg. Et ass secherlech net déi allerbeschten Art a Weis fir e Projet de loi ze presentéieren, ze analyséieren, méiglëchst vill Avisën anzehuelen an e Rapprt ze präsentéieren.
De Ministär huet sech jo mei wéi eng Kéier entschellegt an daat mat dem Hiweis, dass d'Studentinen a d'Studenten fir d'Rentrée académique vum Wantersemester 2013 iwer eng seriös Planungssecherheet sollte disposéieren.
Mä opgrond vun der aussergewéinlecher Situatioun ass eng Léisung fir de Problem fonnt ginn an ech well op desser Platz all dénen Persounen, dei hei matgeschafft hunn, mei Merci ausdrecken.

Fir d'éischt wëll ech e kuerze Réckbléck maachen a resuméieren, wéi et zu dësser Situatioun an dem virleiende Projet de Loi komm ass.

Den 20. Juni 2013, daat heescht virun ronn 3 Wochen, ass d'Urteel vum Europäeschen Geriichtshaff iwer déi finanziell Studienhëllefsaffär fir Kanner vu Frontalierë gefall.

Daat Urteel ass géint de Lëtzebuerger Staat gesprach ginn.

Doropshinn huet d'Héichschoulministesch, d'Madame Martine Hansen, ganz schnell misse reagéieren fir eng Ännerung vun dem am Joer 2010 modifizéierte Gesetz vum 22. Juni 2000 iwwer déi staatlech finanziell Héichschoulbeihellefen nach virun der Summervakanz firzeschloen.

Mat vill Fangerspetzegefill huet si als nei Ministesch an nach ouni vill Erfahrung op dessem Gebidd eng éischt Versioun virgeschloen.

An der Chamberscommissioun ass metgedeelt ginn, dass – wa mir näischt un dem Gesetz änneren  - da giffen ronn 60 bis 100 Milliounen Euro am Beräich Prêt'en a ronn nach eemol sou vill am Beräich Boursen fir d'Frontalierstudenten a Rechnung falen.

No enger éischter Konsultatioun an der Commissioun ass awer gemierkt ginn, dass mir keng Majoritéit fir den virleienden Text giffe fannen. Et wor virgesinn, nemmen d’Wantersemester mat a Rechnung ze zéien. Op dei Manéier wollt de Ministär sech d’Méiglechkéet ginn, de Surplus vun de Käschten an de Greff ze kreien.

Et huet sech awer erausgeschielt, dass mir de jonke Leit, die sech op de Wé machen fir de studéieren, dei néideg Planungssecherhéet fir e ganzt Joer misste ginn.

Et wier hinnen nett zouzemudden z.B. eng Wunneng fir nemmen sechs Meint ze lounen – notamment déi di an d’Ausland studéiere ginn.

Den Avis vum  Staatsroot luch schon den 2. Juli vir – och do ass eng gudd Arbecht geleescht ginn.

De Projet de Loi ass de 4. Juli an den Avis vum Staatsrot – ech komme nach drop zereck - sinn an der Chamberscommissioun an engem faire Géescht diskutéiert ginn.

De Staatsrot huet awer no där Commissiounssitzung nach eng eege wichteg Verbesserung erabruecht an deem den travailleur non salarié berücksechtegt muss ginn.

De Rapport konnt dunn de Freiden 5. Juli mat de Stemmen vun de Majoritéitsparteien ugeholl ginn.

Ech muss Iech soen, datt ech erliichtert sinn, datt mir daat alles an esou enger kuerzer Zäit iwer d’Bühn kruuten an hoffen, datt dësse Projet de Loi  hei an der Plenière wärt ugeholl ginn.

Duerch déi extrem knapp Échéance kruute mir och keen aaneren Avis vun enger Chambre professionnelle bis elo iwwerréecht, waat natirlech bedauerlech ass, mä hei geet et em e sougenannte Noutfall.

Här President,

Ech stellen Iech de Projet de Loi an den Avis vum Staatsrot kuerz vir – well et ass jo emmerhin e wichtegt Gesetz.

Am Projet de Loi waren en Exposé des motifs, e Commentaire des articles an eng Fiche financière beigeluecht.

De Gesetzprojet huet zum Objet, daat am Joer 2010 ofgeännerte Gesetz vum 22. Juni 2000, waat d'finanziell Hëllef vum Staat fir Studien uginn, nach eng Keier ofzeänneren.

D'Origine läit wéi gesoot beim Arrêt vum europäesche Geriichtshaff vum 20. Juni 2013 an där Affär, déi eng ganz Rei Studenten, nämlech 760 Stéck, an de Staat Lëtzebuerg opposéiert hunn.

Kanner vu Frontalier'en, also wou d'Elteren bei ons am Land hier Sue verdéngen, haaten sech opgereecht, datt si keng finanziell Hëllef fir hier Studien vum Lëtzebuerger Staat accordéiert kruuten, mat dem Argument, well si nëtt fest zu Lëtzebuerg wunnen.

D'Residenzklausel ass also hei a Fro gestallt ginn, déi am Lëtzebuerger Gesetz festgeluecht ass.

Den europäesche Geriichtshaff huet effektiv festgestallt, datt dess Bedingung nëtt dem europäeschen Recht entsprëcht, well se géint d'Prinzipien vun der „Libre circulation des travailleurs" geet.

Duerch daat aktuellt Gesetz ginn also déi Kanner benoodelegt, deenen hier Elteren, oder op mannst een Deel vun hinnen, nëtt zu Lëtzebuerg wunnt, do awer en Arbeschtskontrakt huet, also hier Revenuen zu Lëtzebuerg verdéngen.
Der Cour de justice de l'Union européenne no, stinn och desse Studentinen a Studenten eng Aide financière vum Staat zou, deenen hier Elteren zwar nëtt hei am Land wunnen, mä bei ons schaffen, also Steieren bezuelen a zur Sozialhëllef bäidroën, sou wéi daat och de Fall bei de Lëtzebuerger Resident'en ass.

An daat betrëfft nëtt nëmmen d'Frontialierën, mais och Auslänner oder Lëtzebuerger, wéi de Staatsroot zu Recht remarkéiert, déi nëtt direkt niewt onser Grenz wunnen an awer hei hiert Akommes kréien.

De Kritär vum Wunnsëtz, deen also hei am Fokus steet, ass eng indirekt Diskriminatioun vis-à-vis vun deene Studenten, deenen hier Elteren nëtt zu Lëtzebuerg wunnen, déi awer och ë Lien mat Lëtzebuerg duerch hier Arbecht hunn.

Dee Kritär muss, laut dem EU-Geriichtshaff, suppriméiert ginn an de Gerichtshaff schléit fir, ën duerch eng aaner Bedingung ze ersetzen - datt een fir eng „période minimale déterminée" hei am Land muss geschafft hunn an doduerch säi Lien mat Lëtzebuerg beweise kann.

Fir d'Cour de justice européenne ass et nämlech och relevant, datt d'Elteren vum Kand, daat e finanzielle Bäitrag vum Lëtzebuerger Staat ufreet, e

gewëssene Lien mat Lëtzebuerg muss opweisen, well et soss awer trotzdem ze einfach ass, fir beim Lëtzebuerger Staat finanziell Montanten ze froën - virun allem an enger Zäit, wou och bei eis di finanziell Mettelen nett mei esou fleissen.

Et därf een also och nëtt einfach behaapten, datt déi Lëtzebuerger Gesetzgebung hei komplett am Onrecht läit, och wann op deem enge Punkt e Problem besteet. De Lien soll an dëssem oofgeännerte Gesetz kloer nei definéiert ginn.

Déi Konditioune si jo och nëtt vu Mutwëll sou op den Dësch geluecht ginn, well duerch dëss Gesetzännerung wärt de Lëtzebuerger Staat eng gudd Partie méi Demanden fir Subsidien erakréien, an daat wärt eng sellechen Milliouen Euro kaschten.

1° All Frontalierkand, daat eng finanziell Hëllef fir séng Studien vum Lëtzebuerger Staat ufroë wëll, muss noweisen, dass séng Elteren op mannst 5 Joër zu Lëtzebuerg geschafft hunn.

Dëssen Arbechtskontrakt muss fortlaafend, also ouni Paus sinn, a mindestens hallefzäitlech, also 50% sinn.

Dess Grondbedingung ass fir ons eng Preuve suffisante fir e Lien mat onsem Land kënnen nozeweisen an en entsprëcht och dem Arrêt vum europäesche Geriichtshaff.

2° E Frontalierstudent, deen nëtt hei am Land wunnt, an dee schon eng Aide financière vu séngem Land kritt, dé muss daat bei sénger Demande hei zu Letzebuerg deklaréieren.

Daat ass d'Antikumulbestemmung aus dem Gesetzesprojet.

Wier daat nett de Fall, da géifen eis Letzebuerger Studentinnen a Studenten jo benodeelegt ginn.

Ma et dierf een och nett vergiessen, dass an eisen drei Nopeschlänner dei jonk Leit iwwer 18 Joer nach Kannergeld kréien, wann se studéieren – eis jonk Leit am Fall vun Héichschoulstudien awer ké Kannergeld mei kreien.

Här President,

Nodems d'Héichschoulministesch hiren Text an de Staatsroot agereecht huet, huet deen e puer Remarken zum d'Projet de loi gemat, déi an der Commissioun ugeholl goufen.

Dei héich Kierperschaft bedauert an hirem Avis natiirlech, dass desse Gesetzprojet esou séier huet missen examinéiert ginn, also nëtt genuch Zaït do war, wéi daat an normalen Zoustänn de Fall ass.

Hie bedauert och, datt desse Projet nëmmen dem Arrêt vum europäesche Geriichtshaff Rechnung dréit, an nëtt daat oofgeännerte Gesetz vum 22. Juni 2000 insgesamt en cause setzt.

Duerch déen extremen Zäitdrock deen hei virleit, war dëss Aufgabe nëtt méiglëch, mä d'Ministesch wärt daat selbstverständlech an hirere Interventioun kloer stellen.

Hei läit elo Urgence vir, an duerfier musse mir op mannst dee Volet esou schnell wéi méiglech traitéieren a verbesseren.

De Staatsroot mecht d'Remarque, datt beim firgeschloenen Text vun der Ministesch nëtt all cas de figure berücksichtegt gouf.

Sou steet zum Beispill näischt dran vun deene Lëtzebuerger Studentinnen an Studenten, Member vun enger Lëtzebuerger Famill, déi nëtt zu Lëtzebuerg wunnen, a wou awer op mannst een vun den Elteren hei am Land schafft.

De Staatsroot recommandéiert also, dëss Nuance fir déi Lëtzebuerger Studentinen an Studenten am Ausland nach dranzesetzen, a nëtt nëmmen déi auslännesch Studenten ze consideréieren, wou op mannst een Elterdeel zu Lëtzebuerg en Arbechtskontrakt huet.

Am Gesetzprojet gëtt nach eng aaner Kategorie vu Leit vergiess.

Et handelt sech em d'Kanner aus enger EU-Staatsbiergerfamill, déi zwar zu Lëtzebuerg hiert Akommes kritt, awer nëtt Salarié ass, an deen och nëtt zu Lëtzebuerg wunnt.

Bei där Kategorie besteet och e Vide juridique an dem Gesetzesprojet an de Staatsroot besteet drop, datt béid, Salarieën an Nëtt-Salarieën am Text däitlech drastinn.

Eng Persoun, déi zu Lëtzebuerg als Non-salarié schafft, huet trotzdem ë Lien mam Land, an deems se an d'Sozialversecherungen kotiséiert.

Wann de virleiende Gesetzesprojet déi Leit also vergesst, besteet nees eng Diskriminatioun fir déi Kategorie vu Leit.

De Staatsroot kann daat nëtt acceptéieren a géif och d'Dispens vum Second vote constitutionnel nëtt accordéieren.

Dozou wärt Madame Ministesch dei richteg Äntwert hunn.

Am Examen des articles huet de Staatsroot dann nach puer Remarquen zousätzlech gemaat. Hie proposéiert e puer Ännerungen an der Formulatioun, dessen gouf Rechnung ge droen.

An der Commissioun ware mir ons also eenz, dem Staatsroot säin Avis komplett unzehuelen an de Projet de Loi dementspriechend ze adaptéieren.

Et as wichteg, datt mir déi Ännerungen unhuelen, fir datt d'Lëtzebuerger Gesetzgebung am Accord mam europäesche Recht ass, an dass mir nëtt méi op Grond vun deem Fehler um Geriicht zitéiert kënne ginn.

Ech wëll awer nach emol drop hiweisen, dass d'Urteel vum europäesche Geriichtshaff nëtt esou ze interpretéieren ass, wei wann Lëtzebuerg géint d'EU-Recht an d'Chancegleichheet verstouss hätt – néen well daaat ass ën Uleis fir daat sech Letzebuerg emmer asetzt.

Mat desem Projet de Loi, dee mir haut stëmmen, wëlle mir eis Legislatioun op de richtege Wee bréngen.

Dat Gesetz gellt dann fir dat akademescht Joer 2013 – 2014.

Wei schon ugedeit, wellt d'Madame Ministesch eng gréisser Reform vun den finanzielle Studienhellefen an de kommende Méint ausschaffen an e neie Projet de Loi an d'Parlament erabréngen.

D'CSV wellt der Madame Ministesch déi Chance ginn an ech bréngen den Accord vun der CSV- Fraktioun fir de virleiende Projet de Loi eran a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.